# INFO – BLAT

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl

No2 / Dezember 2005




Gruppephoto vun der Journée des Anciens vum 28. Oktober 2005

<u>Le mot du président</u>

Léif Anciennes an Anciens vun eiser Schoul, léif Mëmbren a Frënn vun eiser Amicale,

Beim läschten Dezembercourrier 2004 hu sech secherlech vill vun Iech gefroot, wéi ët mat eiser Amicale viru goë soll, an dëst ëmsou méi mer geschwënn eise 75ten Anniversaire feiere kennen. Et wor op engem Freideg, den 9ten Dezember 1932, wou an enger provesorëscher Grënnungsversammlung e Paul Eischen sénge Komeroden den Zweck vun esou enger Amicale erklärt hat. Eis Amicale gouf dann den 8te Januar 1933 gegrënnt an zënter hier begleede mir eis fréier Schoul op engem gemeinsame Wé a mir fillen eis méi wéi je mat eisem gudden aalen Institut Emile Metz verbonnen, och wann aus him an der Tëschenzäit e Lycée Technique Privé gin ass. Mir hun eis duefir an engem neie Comité zesummefonnt, an ech si frou, datt och nees vill jonk Leit matmachen a bereet sin d'Relève vun deenen Eeleren ze iwwerhuelen. Duefir bieden ech Iech, se an dësem Beméihen zë ënnerstëtzen an eiser Amicale trei ze bleiwen. D'Amicale an d'Schoul sin duurch Jorzéngten a Frëndschaft verbonnen, dat gudd war an dorun soll sech och an Zukunft näischt änneren.

An dësem Sënn wënschen ech eiser Schoul an eiser Amicale nach « ad multos annos »
an Iech all, am Numm vum Comité, « Schéi Feierdeeg an e Glecklecht Neit Jor 2006 ».

Jim Unsen

**An dëser Editioun**

Le mot du président
Reckbleck op d'Journée des Anciens
Cours Informatique rappel
Generalversammlung

Hei ë puër Biller vun eiser "Journée des Anciens", déi den 28. Oktober 2005 am LTPEM stattfonnt huet.



No enger interessanter Visite vun de Gebaier…



… enger Usprooch vun eisem Här Direkter …



… an engem gudde Patt …



… gouf et ee fantastësche Menü.



An d'Spull gouf och gemaach.

Heimatt invitéiere mer Iech fréndlech op eis

**<u>Generalversammlung</u>**

**<u>Freides, den 20te Januar 2006</u>**

**<u>ëm 19h30</u>**

**<u>am Lycée Technique Privé Emile Metz zu Dummeldeng</u>**

**<u>an der Médiathéik</u>**

Ordre du jour :

1. Begréissung duurch de Prësident Unsen Jim
2. Aktivitéitsbericht 2005 vum eisem Secrétaire Bressanutti Alphonse
3. Caissebericht vum eisem Trésorier Scherer André
4. Bericht vum Caisserevisor Lengler Armand a Legille Pierre
5. Neiwiel vum Comité, keng Changementer
6. Programm an Activitéiten 2006
7. Divers an échange d'idées
8. Schlusswuert vum Direkter vum LTPEM, dem Här Tissier René
9. Eirewäin

<u>Cotisatiounen :</u>

Och wa mir gewësse Fraien duurch Courrier hun, sou bleiwt eis Cotisatioun fir 2006 onverännert bei 6,20 Euro. Am dësem Dezembercourrier leit d'Memberskaart 2006 bäi.

Mir wollten Iech och matdeelen, <u>datt mir keen « ordre d'encaissement » méi anzéien</u>.
A fir datt mer mol nees endlech en Duurchbléck an eise Cotisatioune kréien, d'Banken maachen eis ët do nët ëmmer ganz einfach, wollte mer déi nei Memberen bieden, keen ordre permanent fir d'Cotisatioun méi ze maachen, mé se einfach no Présentatioun vun der Memberskaart op ee vun eisen zwee Konten ze iwwerweisen.

| | | |
|---|---|---|
| Konten : | CCPL | IBAN LU65 1111 0233 3353 0000 |
| | BILL | IBAN LU39 0026 1010 1750 0000 |

En Deel vun eisen neie Memberen hun hir Cotisatioun 2006 schons iwwerwisen, mir hun datt direkt an eisen neie Fichier iwwerholl. Déi aaner biede mër dann, wann ët nach nët geschitt ass, och hir Cotisatioun ze iwwerweisen.

Wann ower een nët méi Member bleiwe wëllt, da biede mer hien, eis w.e.g. dat matzedeelen resp. eis d'Memberskaart nees zreckzeschécken.

Mir kréien och Courrier nees zréck, wëll d'Adresse nët méi stëmmt. Deelt eis w.e.g. mat, wann Är Adresse geännert huet. Merci.

Rappel Cours d'Initiation PC

**ET SIN NACH PLATZE FRÄI AN EISEM COURS MELLT IECH UN!**

| | |
|---|---|
| Niveau: | débutants |
| Formateur : | Laurence Seyler Moris |
| Lieu : | Lycée Technique Privé Emile Metz |
| Date : | à partir du mercredi **11 janvier 2006** |
| | 10 séances. Tous les mercredis entre 18.00 et 20.00 h |
| maximum: | 12 participants |
| langue : | luxembourgeoise |

Matières traitées :

- PC base hardware et software
- Système d'exploitation Windows XP
- Windows Explorer gérer des documents
- MS Word aspects généraux (traitement de texte)
- Internet base hardware et software
- Internet Explorer
- Courrier électronique

Frais d'inscription : 60,- € à verser avant le 20 décembre sur un de nos comptes

| | |
|---|---|
| CCPLULL : | IBAN LU 65 1111 0233 3353 0000 |
| BILLULL : | IBAN LU 39 0026 1010 1750 0000 |

le payement faisant foi d'inscription



*Schéi Feierdeg wënscht Iech d'Amicale LTPEM*